

d'Naturalisatioun

Bannent engem Joerzénge huet sech d'Lëtzebuenger Legislatioun, wat d'Krëie vun der Lëtzebuenger Nationalitéit betrëfft, e puermol geännert. Eng vun deenen Ännerunge betrëfft de Prinzip vun der multipler Nationalitéit, deem am Oktober 2008 agefouert gouf. Wann Dir gär d'Lëtzebuenger Nationalitéit hätt, an dat Land, deem seng Nationalitéit Dir schonn hutt, dat akzeptéiert, da verléiert Dir Är ursprüngelech Nationalitéit net. Eng zweet Ännerung betrëfft d' Aféierung vun Elementer vum „ius solis“ am Joer 2017: Wann Äert Kand zu Lëtzebuerg op d'Welt koom, kann et, soubal et 12 Joer huet, d'Lëtzebuenger Nationalitéit ufroen, déi et da mat senger Groussjäregkeet kritt. Fir Kanner, déi no 2013 op d'Welt koumen, kënn allerdéngs d'Bedéngung derbäi, datt een Elterendeel während op d'mannst engem Joer virun der Gebuert regelméisseg zu Lëtzebuerg gewunnt huet.

Mir behandelen hei d'Krëie vun der Nationalitéit per Naturalisatioun. Nieft der Naturalisatioun gëtt et och nach déi méi einfach Méiglechkeet vun der Optioun, déi an zéng Fäll méiglech ass. Dat erkläre mer an engem anere Video.

Fir d'Naturalisatioun unzufroen, musst Dir op d'mannst fënnf Joer laang regelméisseg zu Lëtzebuerg gewunnt hunn. Dat muss net ouni Ënnerbriechung gewiescht sinn, just dat lescht Joer virun Ärer Demande musst Dir ouni Ënnerbriechung zu Lëtzebuerg gewunnt hunn. Ausserdeem musst Dir Lëtzebuergesch kënnen an de Sproochentest gepackt hunn. E besteet aus engem Deel iwwer **Är mëndlech Sproochkompetenz** (Mëndlechen Test, Niveau A2) an engem Deel, wou **d'Verstoe vum geschwatene Lëtzebuergesch** (Héierverstoen, Niveau B1) gepréift gëtt. Den Test gëtt vum Nationale Sproocheninstitut (INL) organiséiert.

Doriwwer eraus musst Dir um Cours „Vivre ensemble au Grand-Duché de Luxembourg“ deelgeholl hunn, deem iwwer 24 Stonne geet, oder awer den Test doriwwer gepackt hunn. Ausserdeem musst Dir d'Konditiounen zur Eierbarkeet erfëllen, Dir d'äerft also net gelunn an och net bedrunn hunn, fir d'Lëtzebuenger Nationalitéit ze kréien, an Dir d'äerft och net zu festem Prisong vu méi wéi engem Joer oder engem Sursis vun zwee Joer veruerteelt gi sinn.

Wann Dir dës Konditiounen erfëllt, da gitt op Är Gemeng mat:

- ✓ enger Kopie vun Ärem Gebuertsschäin an eventuell deem vun Äre mannerjärege Kanner, well si automatesch mat Iech d'Nationalitéit kréien;
- ✓ enger Kopie vun Ärem Pass oder engem aneren Identitéitsdokument an deem vun Äre Kanner;
- ✓ engem Liewenslaf. De Modell, deem Dir benotze sollt, ka vum Site vum Justizministère erfogeluede ginn;
- ✓ dem Certificat, datt Dir de Sproochentest gepackt hutt;
- ✓ dem Certificat, datt Dir de Cours „Vivre ensemble au Grand-Duché de Luxembourg“ matgemaach oder awer den Test gepackt hutt;
- ✓ engem Extrait aus dem Casier, resp. Extraiten aus dem Casier vun all Land, an deem Dir déi lescht 15 Joer gewunnt hutt.

Ären Dossier gëtt vum Justizministère gepréift, dee bannent acht Méint eng Decisioun hält. D'Naturalisatioun gëllt vum Datum vum Arrêté ministériel un, deem Iech d'Nationalitéit accordéiert.

Weider Informatiounen iwwer d'Prozedur kritt Dir iwwer den Info-Telefon 8002 1000 vum Justizministère. Hei kënn Dir vu méindes bis freides während de Bürosstonnen uruffen.